



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère du Travail, de l'Emploi et  
de l'Économie sociale et solidaire

**Monsieur Marc HANSEN**  
**Ministre aux Relations avec le Parlement**  
**Service Central de Législation**  
**L-2450 LUXEMBOURG**

**REÇU**

Par Alff Christian, 08:21, 21/10/2020

Luxembourg, le 20 octobre 2020

Agent en charge                    M. Armin Skrozic  
Tel :                                    247 86122  
Courriel :                            armin.skrozic@mt.etat.lu  
Référence interne                MT/SA/QP/QP N°2854

**Concerne :    Question parlementaire N°2854 de l'honorable Député Sven Clement**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**Pour le Ministre du Travail, de l'Emploi et de  
l'Économie sociale et solidaire**

**Tom OSWALD**  
**Coordinateur général**

**Äntwert vum Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft Dan Kersch  
op d'parlamentaresch Fro n°2854 vum honorablen Deputéierten Sven Clement**

**Ad. 1**

Am Joer 2019 waren 20% vun den Aarbechtsichenden ënner 25 Joer, méi wéi 1 Joer bei der ADEM ageschriwwen. Bei den 25-29 järegegen war de Prozentsaz bei 25%.

D'Zil vun der Jugendgarantie ass fir de Jonken bannent 4 Méint eng "Offre de qualité" unzebidden. Sou eng Offer kann eng Aarbecht, eng Beschäftegungsmoosnam (contrat d'appui-emploi, contrat d'initiation à l'emploi, etc.) oder eng Formatioun sinn. Ronn 70% vun de Jonken déi sech bei der ADEM aschreiwen, kréien sou eng Offre de qualité proposéiert, déi iwwreg 30% ginn intensiv vun de „conseillers spécialisés“ vun der ADEM betrëit. De Succès vun der Jugendgarantie hänkt och vun der allgemenger Situatioun um Aarbechtsmaart of. D'ADEM hëlleft deene Jonken bei der Vermëttlung vun enger Aarbecht an ënnerstëtzt och d'Betriber, déi jonk Chômeuren astelle wëllen.

Am Mee 2018 ass d'Jugendgarantie vun 25 Joer ob 30 Joer ausgeweit ginn.

**Ad. 2**

D'Behauptung vum honorablen Deputéierten ass nët ganz richtig. Op der Säit 12 vum Rapport kann een folgendes liesen:

D'Zuel vun den Demandeurs d'emploi mam Statut vum Salarié handicapé ass nach just vun 2016 op 2017 geklomm. Duerno ass déi Zuel och zeréck gaang. Dat hei ass eng Grupp vu Leit déi et duerch hier gesondheetlech Problemer schwéier hunn Fouss um Aarbechtsmaart ze faassen. Doduerch huet et fir déi Grupp méi laang gedauert bis se vum Opschwong profitéiere konnt.

**Ad. 3**

Am Joer 2019, haat d'ADEM en Taux de réponse vun 90%.

**Ad. 4**

D'ADEM mecht keng Differenz tëscht de Nationalitéiten. Bei dëser Art vu Statistik kuckt d'ADEM ob et sech ëm e Résident oder e Nët-Résident handelt, an dat ouni tëscht de Nationalitéiten ze nuancéieren.

**Ad. 5**

D'Regierung huet verschidde Moosnahmen geholl fir där Tendenz entgéint ze wierken.

Esou ass de "stage de professionnalisation" opgemaach ginn fir all demandeurs d'emploi, an nët nëmme méi fir Leit iwwer 30 Joer.

Et sinn och nach zwee Projeten lancéiert ginn:

- #YouthYourFuture: ass e Projet deen jonke Leit ënner 30 Joer erméiglecht während 3 Méint e personaliséierte Coaching ze kréien wou se zesummen mat de Coachen hier Kompetenzen entwécklen an hier Motivatiounen an professionnel Ziler konkretiséieren fir en objektive a realistësche Projet professionnel ze definéieren an domat also hier Chancen verstärken fir sech op dem Aarbechtsmaart besser ze positionnéieren.
- FutureSkills: ass eng Initiativ déi et engem Kandidat erméiglecht 3 Méint eng e-learning Formatioun ze maachen an divers Kompetenzen bäizeléieren oder ze verdéiwen: „soft skills“ (Kommunikatioun, Kreativitéit, etc.); „digital Skills“ (Kollaboratiounsoutil'en, digital Transformatioun, coding, etc.) esou wéi „project management skills“. No dëser Formatioun kënnen d'Kandidaten vun engem OTI-Stage vu 6 Méint profitéieren an dat am secteur public, zum Beispill bei enger Verwaltung, enger Gemeng, engem Etablissement public, etc. fir déi Kompetenzen och an der Praxis asätzen ze kënnen.